*RIED VUM ORGANISATEUR*

*RASSEMBLEMENT*
*29.06.2024*
*Joeren 1967 – 1992*

*Interlude musical : HAPPY LUXEMBOURG*

## ***1. DEEL***

*Musikalesch gët dësen Dag encadre'ert vun der Douane's- an Garnisounsmusek déi ech ganz häerzlech begréissen an elo schons en groussen MERCI soen fir hier Ënnerstetzung haut hei an der Garnisounsstad DIKRICH*

*Offizéi'er, Ënneroffizéi'er, Militärmuseker,*

*Zivil- an Léierpersonal, Zaldoten*

*vun den Joeren 1967 bis 1992*

*Dir Dammen an Dir Häeren,*

*Léif Kolleginnen an Kollegen*

*Ech sinn frouh an et as mir eng ganz grouss Ëier Iech alleguer hei kënnen ze begréissen. Endlech, no langen Joeren as et sou weit.*

*Et as D-DAY - RASSEMBLEMENT*

*Während villen langen Joeren hunn ech probe'ert dëst ze organise'eren mat der Arméi.*

*Aus villerlee Grënn as ët nie dozou komm. Sou een RASSEMBLEMENT wéi deen hei as et eigentlech nach nie ginn. Wou d'ANCIENS alleguer, Kaderen sou gutt wéi Zivilpersonal wéi Zaldoten, opgeruff waren ze kommen.*

*Am Laf vun den Joeren sinn et „PORTES OUVERTES" ginn. Et sinn och wéi Ufanks der 90er Joeren oder 2005 „Journée des Anciens" ginn wou awer nëmmen pensionne'ert Offizéi'er, Ënneroffizéier, Militärmuseker, Zivil-an Léierpersonal an Kasär invite'ert waren, mais nie zesummen mat deem wichtegsten, wat d'Armée hat an huet, sengen Zaldoten.*

*Ausser 2001 wou, bedingt derdurch dass A-Kompanie sollt aus Mankem un Zaldoten zou gemach ginn. Deemols huet d'APSOL, Gewerkschaft vun den Ënneroffizéier, Militärmuseker, Beruffskaperëll, Infirmiers diplômés militaires an Zaldoten zesummen mat der Arméi en RASSEMBLEMENT vun den ANCIENS vun der A-Kompanie vun 1967 bis 2001 gemach an der Kasär. Deemols waren ronn 350 Mann do. An ech kann Iech soen, do war eng lass.*

*Ech hat eigentlech gehofft, dass bei den 50 Joer „Fraïwëllegen Arméi" 2017 d'Arméi géif eppes organise'eren mat an fir d'Ex-Zaldoten. Et waren wuehl e puer Aktivitéi'ten, hauptsächlech Concerts déi verbonnen waren mat 175 Joer Militärmusek. Mais dat war et dann och.*

*Ech hunn oft vun villen Saiten ze heieren kritt, wann ech probe'ert hunn dat hei ze organise'eren zesummen mat der Arméi. Keng Zait, keen Personal, ze vill Opwand, Datenschutz asw….*

*Mir machen jo „PORTES OUVERTES". Dann sollen se dann kommen. Mais eng „PORTES OUVERTES" as nët en „RASSEMBLEMENT" vun den "ANCIENS".*

*Et as schued dass Traditioun vun den ANCIENS bei eis hei an der Arméi nët sou gepflegt gët wéi am Ausland.*

*Wann ech der mol erem gesinn hunn, wou war dat meechtens: op engem Begriefnis*

*Egal wéi. Lo, haut fänken mir mol dermatter un. Et war kloer, wéi schons gesot an menger Invitatioun, dass ech nët direkt kinnt se alleguer beieneen ruffen. Dofir hunn ech en 5 Joeresplang ausgeschafft fir vun 2024 bis 2028, 50 Joer Arméi an iwert 9000 Zaldoten, jeweils all Joer 10 Joeren zesummen, +/- 1500 Anciens pro Joer. Ech hat eigentlech geduecht an gehofft pro 10 Joer sou 500 Leit zesummen ze kreien.*

*Et huet sech awer leider erwisen, dass mein 1. Appel (1967-1976), mein 2.Appel (1967 – 1986) an mein 3. Appel (1967 – 1992), bei ronn 4200 Anciens, aus villen Grënn nët sou richteg ukomm as. Ech hunn also eigentlech lo 25 Joer zesummen geruff. Dann bleiwen der also nach 25. Well ech hat mir virgeholl, 50 Joer ze versammelen, wouvunner ech der bal 40 derbei war als Zaldot an Ënneroffizéier vun 1975 bis 2015.*

*Ech wëll awer trotzdem soen, dass nët nëmmen Annoncen an der CGFP Zeitung „Fonction publique" an am Bulletin vum SNPGL waren, eng ganz Reih Leit, Kaderen vun der Arméi, hunn per E-Mail, Sms, Facebook oder Courrier postal eng Invitatioun kritt. Do, wou ech Donnéen hat well haut mam DATENSCHUTZ dat alles nët méi sou einfach as.*

*Vun den Ex-Kaderen vun der Arméi kann eigentlech keen soen, hien hätt et nët gewosst.*

*An ech wëll hei ganz kloer soen, se hunn, sou weit ech Donnéen hat, alleguer eng Invitatioun kritt.*

| *PENSION* | *OC/COC* | *SOC* | *SOMUSMIL* | *PERS CIV* |
|---|---|---|---|---|
| *185* | *35* | *83* | *37* | *37* |
| *36* | *4* | *21* | *3* | *7* |

*Militäresch gesinn as dat folgendes. Stellt Iech bildlech déi hei Situatioun vir. Dir stitt als Kader um Drill Square. An op der anerer Sait stinn 4200 Zaldoten. An dir rufft: RASSEMBLEMENT. An et kommen der nëmmen 250 dervun. Dann geifen der elo vill um Drill Square pompelen  oder/an lafen. !!!*

*Fir den RASSEMBLEMENT vun haut hunn sech 254 „ANCIENS“ ugemeld, déi de Wee op DIKRECH fond hunn. Dohinner, wou virun langen, oft ganz langen Joeren, eppes ganz NEIES ugefangen huet. Hei op der Gare vun DIKRECH. Fir d'eischt fir Musterung, duerno fir d'Anzéien, duerno oft fir heem ze fuehren no enger langer harder Woch um Bierg oder voll motive'ert déi nächst Woch unzefänken.*

*Eng nei Welt huet sech fir eis alleguer opgemach. Um Haerebierg. Voll mat villen Iwerraschungen, neien Erkenntnisser, Waerter an Sachen déi een bis dohinner nët esou kannt huet. An fir jiddereen enorm Herausfuerderungen. Mais awer och enger ganz grousser Chance.An wéi ech oft heieren hunn, enger schéiner Zäit.*

*Ech hunn an mengen langen Joeren bei eisen Jongen an Meedercher ëmmer rem gesot:*

*Dir hutt Iech fräiwëlleg gemeld fir dës Herausfuerderung. 80% vun Iech as den Wee hei rop op den Bierg: "The last way, the last chance". An vill woussten nët bis dohinner wat sie sollten herno machen. An 20 %, déi mat engem konkreten Ziel komm sinn. Well den Bopi, den Papp oder een aneren schons irgentwou waren, Gendarm, Polizist, Giechtgen, Bréidréier, Douanier, Huissier, Cantonnier, Portier, asw… asw….*

*Mir Kaderen hunn hinnen ëmmer rem rappele'ert: „Macht eppes draus. Dir hutt Carrièren déi Iech exclusiv oder prioritär reserveéiert sinn. Mir hëllefen Iech dobei. Mir Kaderen, Äert familiaërt Ëmfeld an Äer Frënn an Frëndinnen doheem, an Dir selwer.*

*Dir musst un Iech gleewen, un Iech schaffen, schaffen fir Äer Zukunft mat allem wat do derzou geheiert. An vill, ganz vill hunn dësen Message verstanen an eppes dorausser gemach. An doropper kënnen mir als Kaderen ganz stolz sinn. Mais virun allem Dir alleguer, déi Dir dat befollegt hutt.*

*An gleichzeiteg hunn mir alleguer eppes fir eist Land gemach, fir Europa an doriwer eraus. Och wann mir eis dat vielleicht nët ëmmer sou bewousst waren. An als klengen Partner an der NATO an bei den Westeuropaïschen Arméien belächelt ginn sinn. Mir hunn ëmmer gesot, et as nët d'Mass mais d'Klass.*

*Mir kucken haut zesummen zereck op 25 Joer an méi. Op en langen Wee deen jiddereen vun eis hannert sech huet, an wou d'Arméi en Schlëssel vun sou Munchem war. Während der Arméi'szait, mais awer och am privaten, berufflechen an och allgemengen Bereich derno.*

*Mir hunn Werter kennen geléiert déi eis spéider ëmmer begleed hunn wéi: Ausdauer, un Limiten goen, Disziplin, Pünktlechkeet, Komerodschaft, Gruppengeescht, an nach vill aner Qualitéi'ten. An virun allem un sech gleewen, ëmmer rem un sech schaffen. An Ziehl nie aus den Aen verléieren.*

*Interlude musical : MY WAY*

## ***2. DEEL***

*Op dësem Wee hunn vill Leit eis begleed. Leit déi nach hei sinn. Mais awer och leider vill déi eis am Laf vun den villen Joeren, oft vill ze vill fréih, verlooss hunn an sech op hieren léischten Wee gemach hunn.*

*Den Hans Dietrich GENSCHER, fréieren déitschen Aussenminister huet emol eng Kéier gesot: „Ein gutes Wort zu Lebenszeiten ist viel besser als der schönste Nachruf beim Tode."*

*An dofir soen ech all deenen hei bannen, stellvertriedend fir d'fräiwëlleg Zaldoten vun der Lëtzebuerger Arméi, an do richten ech mech un Kaderen an Zivil-an Léierpersonal, als Rekrut vun der 31.Sessioun vum 21.07.1975, als Zaldot, als Ënneroffizéier vun der Lëtzebuerger Arméi, als Kolleg an als ANCIEN e groussen MERCI fir all dat wat Dir Kaderen fir mech, fir eis alleguer, Kaderen, Zaldoten, Memberen vun der lëtzebuerger Arméi am Laf vun den langen Joeren gemach hutt.*

*E puer vun mengen Kaderen sinn haut hei, kënnen haut hei sinn. Anerer leider nët. An och e puer vun mengen Ënneroffizéiesch Kollegen vun den langen Joeren. An Zaldoten vun dëser Zait. Eis Jongen an Meedercher. Kolleginnen an Kollegen.*

*Ech denken awer och un eis Elteren, Grousselteren, Geschwëster, Famill, Frënn an Frëndinnen, Kolleginnen an Kollegen, Kaderen, Virgesetzten, Ausbilder, Schoulpersonal, Zivilpersonal an villen aneren.déi eis op eisem Wee begleed hunn.*

*Ech erweiteren elo symbolesch den Krees vum RASSEMBLEMENT vun haut. Ech ginn dervun aus dass Sie alleguer elo irgentwou och RASSEMBLEMENT hunn an eis nokucken.*

*An wéi dat sech bei der Arméi gehéiert machen mir dat sou wéi mir dat gewinnt sinn ze machen als Militär oder / an Ex-Militär.*

*Ech géif Iech bieden een Moment opzestoen. Ech kinnt och lo soen „GARDE A VOUS"*

*Interlude musical: SONNERIE AUX MORTS*

*Ech soen Iech MERCI. Dir kënnt Iech rem setzen w.e.g*

## ***3. DEEL***

*Ech machen elo, mat Iech zesummen, fir eis anzestëmmen op dësen Dag en klengen historeschen militäreschen Rëckbleck op Joeren 1967 bis 1992.*

*Interlude musical: MARCHE GRAND-DUCHESSE CHARLOTTE*

*Bei dësem historeschen Rëckbleck kommen ech nët derlanscht un en Personnage ze erënneren, deen ganz enk mat der Arméi verbonnen war. Als Zaldot, Offizéier bei den Irish Guards, mat den Allieerten eis befreit huet. An seng ganz Carrière eis ganz no war. Sech vill bei eis gewisen huet an sech fir alles interesse'ert huet. An och en ganz lëschtegen Kerl war. Ech konnt dat e puer Mol selwer erliewen. Eisen Grand-Duc Jean. Ech denken awer och un seng Mamm, eis Grand-Duchesse Charlotte an ganz groussherzoglech Famill.*

*Interlude musical: HIGH CATHEDRAL*

## ***4. DEEL***

*E puer Wuert zu der Website: www.frenn-letz-armei.lu.*

*Dësen Site soll an den nächsten Joeren lues a lues opgebaut ginn mat Photoen, Filmer, Presseartikelen an aneren Dokumenter vun den jeweilegen Joeren vun der Arméi.*

*E soll eng Plattform sinn fir Infoen virun ze ginn, Aktivitéi'ten ze signale'eren, den Kontakt mat eneen ze halen an…..heiandsdo an der schéiner aaler Zaït ze verweilen.*

## ***5. DEEL***

*Ech kommen awer leider nët derlanscht hei op en aneren Punkt ze schwäetzen ze kommen. Virun e puer Wochen hunn mir den 80ten Anniversaire vun der Landung vun den Allieerten an der Normandie den 06. Juni 1944 commemoréi'ert an un sie alleguer erënnert.*

*Mir haten eigentlech geduecht an gehofft, Menschheet hätt dorausser geléiert. Mais mir hunn gesinn derno, dass am Laf vun der Zäit op villen Platzen vun dëser Welt et ëmmer rem zu Spannungen an leider vill ze oft, zu Kricher komm as.*

*Loossen mir een Moment un all d'Affer vun Kricher, Zaldoten an Zivilleit denken an och un eis Zaldoten déi de Moment Dingscht fir eist Land, fir Europa an d'Welt leeschten fir eisen Wuehlstand, eis Secherheet.*

*Loossen mer hoffen, dass d'Welt rem besser gët an d'Mënschen rem den richtegen Wee fannen zum Fridden, der Freiheet , der Eegenstännegkeet an dem Respekt een virun deem aneren.*

*Interlude musical: AMAZING GRACE*

## ***7. DEEL***

*D'Arméi, Gendarmerie, Polizei, zesummen FORCE PUBLIQUE, mat allen aneren Verwaltungen wou am Laf vun den langen Joeren vill Zaldoten no hierer Dingschtzait hinn gangen sinn, zesummen an der FONCTION PUBLIQUE, hunn dem Land an sengen Leit iwert all déi Joeren trei gedingt an machen dat och lo nach.*

*Gewerkschaftlech waren sie alleguer organise'ert, iwert d'APSOL / vun 2011 den SPAL, d'Syndicats vun Gendarmerie an Polizei, no der Fusioun 1999 den SNPGL an villen aneren Ënnerorganisatiounn mat, als Dachverband, der CGFP.*

*Fest steht, dass den SPFP mat villen aneren Ënnerorganisatiounen während all deenen Joeren vill Akzenter bei an mat der CGFP konnt bis haut setzen an, oft reischt leider no langer Zait bei den politeschen Verantwortlechen och durchsetzen.*

*Fir Verwaltungen an all, ech betounen **all** hier Leit, fir ganz FONCTION PUBLIQUE, fir den SECTEUR COMMUNAL an doriwer eraus.*

*Fest steht, ouni Associatiounen, Syndicats, zesummen an der CGFP wieren mir haut nët dat wat mir sinn, hätten mir nëtt dat, wat mir haut hunn. **Well mir zesummen gehalen hunn !!!***

*An dofir sinn ech enttaüscht ëmmer méi ze heieren, dass, wann d'Leit an d'Pensioun ginn, se hier Memberschaft annuléi'eren, sou gut an hieren Organisatiounen wéi och bei der CGFP.*

*Ech géif een APPEL machen un Iech alleguer fir sech dat mol durch den Kapp goen ze loossen.*

*All Mount wann d'Pei oder d'Pensioun kënnt, misst een eigentlech een Moment un all déi denken déi sech fir dës an vill aner sozial Errungschaften lang Joeren mat vollem Engagement an bis haut agesat hunn. Arbechtsbedingungen, Congés, Primmen, Secherheet an villes, ganz villes méi. Kuckt mol den Palmarès syndical vun äeren Associatiounen, Syndicats an der CGFP.*

### *8. DEEL: FONDS DE SECOURS SPAL*

*Sou eng Organisatioun wéi déi hei mecht een nët aleng. Jonk Kollegen vun der Arméi déi am SPAL sinn, hunn sech bereet erklärt fir mir ze hëllefen dësen Dag ze organise'eren. Beim Oprichten vum Dispositif, mam Service um Comptoir haut hei, an beim Ofrappen herno.*

*Vun mir an sëcher och vun Iech dofir en ganz groussen* ***MERCI.***

*An dofir geet den Benefice vun dësem Dag un dësen FONDS DE SECOURS deen 2011 an d'Liewen geruff ginn ass an leider och schons huet missen aktiv ginn bei Kanner vun Kollegen déi eis leider schons vill ze vill fréih verlooss hunn.*

*Als Ofschloss vun dësem 1. Deel vun haut bieden ech Iech opzestoen fir Nationalhymne wou Dir och rouheg kënnt matsangen.*

*Interlude musical : HYMNE NATIONALE*

*Voilà. Dat war ët vun menger Sait fir de Moment mol.*

*Ech wënschen Iech elo schons e puer schéiner Stonner ënnert Kolleginnen an Kollegen.*

*An e gudden Appetit an bis herno.*

*11:45 – 12:30 : APERITIF mat Concert Apero*

*(mat der Douane's- an Garnisoun'smusek)*

*12:30 – 14:00 : MËTTEGIESSEN – " BULLI A GOGO"*

*14:00 – 16:00 : Photoshooting vun den Sessiounen an Joergäng*

*Zaldoten Geschichten aus den Joeren 1967 bis 1992, erziehlt vun Zaïtzeien aus deenen jeweilegen Joeren*

*16:00 – 1800 : OLDIES but GOLDIES PARTY*

***18:00*** *: Enn vum RASSEMBLEMENT*

***Patrick FRANTZ***
*Adjudant – Major Honoraire*
*Lëtzebuerger Arméi vun 1975 bis 2015*
*Sessioun Volontaires 31 (21.07.1975)*
*Eiërenpräsident vum SPAL an vum SPFP*
*Gsm: 691 860 928*
*E-Mail: frantzp@pt.lu*
*www.frenn-letz-armei.lu*
*Facebook: Frënn vun der Letzebuerger Arméi*